1-2020-0-2-6364-01 (n°3470)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2021

HA au sujet de l'organisation de la sécurité publique

5

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten,

déif besuergt iwwer d'Kriminalitéit zu Lëtzebuerg,

ass sech bewosst,

- datt sech bei ville Leit en Onsécherheetsgefill breet mécht an datt si sech erwaarden, datt déi staatlech a kommunal Autoritéiten effikass an adequat Moossnamen huelen, fir géint d'Kriminalitéit virzegoen;

stellt fest a begréisst,

- datt eng Rei vu Gemengen am Kader vun hirer kommunaler Autonomie op privat Sécherheetsservicer zréckgräifen, fir d'Sécherheetsgefill bei de Leit ze stäerken;

fuerdert d'Regierung op,

- am Kader ë.a. vun der bannenzeger Sécherheet an der Justiz dréngend all néideg Moossnamen ze huelen, fir d'Sécherheet am Land ze verbesseren an decidéiert géint d'Kriminalitéit virzegoen,
- dës Politik duerch sozial Moossnamen ze encadréieren fir do, wou et néideg a sënnvoll ass, accesoir Ursaache vun der Kriminalitéit an der Incivilitéit kënnen unzegoen.

Fernand Kartheiser

**ADR – Groupe parlementaire** **25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742**